

"E komescht Gefill"

Untrëttsried vum Roga Garcia

Léiw Kolleginnen a Kollegen, Dir Damen an dir Hären

Ech kann e gewëssent komescht Gefill net ënnerdrécken, wann ech hei meng eischt Ried am Haus vun de Lëtzebuerger VolleksvertriederInnen haalen. Dat Onbehagen ass manner duerch e fir e republikanesche Geescht e beschen pharisäerhaften Eed op eis Verfassung bedengt. Mee éischter duerch den Emstand, an enger Institutioun ze schaffen, déi zwar mat vill Pomp a Käschten de Wëllen vum Vollek soll duerchsetzen, wou am Endeffekt awer nëmmen déi 20% wichteg Décisiounen ofegeseent gin. Déi hun d'Bréisseler Technokraten eisem Parlament iwreg geloss an déi gin nach vun der Regierung, de stuarke Lobbien an den Kommissiounen esou virgeknaat, dass déi Debatten hei bannen nach just en rituellen Charakter behaalen.

Mä sëcher interesséiere meng perséinlech Gefiller iersch an di puer Leit, déi de Chambersbericht liesen, manner ewéi e puer Informatiounen zu den Themen, déi ech am kuerze Räscht vun der Legislaturperiod wëll versichen unzdiskutéieren. Niewent den fundamentalen Iwerléungen an den konkreten Alternativierschléi, déi mär Gring zu den Altlasten vum Regierungsprogramm proposéieren wëllen, sinn et véier iwergrëffent Themaen, déi mär perséinlech ganz uewe leien.

En ökologesch an sozial vertriebtart Wirtschaftsmodell fir Lëtzebuerg

Wéi ech virun e puer Méint op der Tribün souz, fir Chamberdebatten iwer daat -wéi e kéint mengenwichtegt Thema "Zukunft vun eisem Planéit" am Kontext vun der Rio-Konferenz ze verfolgen, hun ech just nach kënnen de Kapp rësselen, wéi déi 10 vun 60 Volleksvertrieder, déi iwwerhaupt am Sall wuaren, zimlech desorientéiert um eigentlechen Problem langschtschwadronéiert hun. Eist Land, a mat him eis ParlamentarierInnen schéinen op engem aaneren Planéit ze liewen, wou et keen logeschen Zusammenhang tëschent Umweltzerstéierung, Opléisung vum sozialen Tissu an Zersetzung vum demokrateschen Konsens engersäits an dem Wuestemmodell aaner Säit ze gin. Hei gesinn ech op alle Fall weider eng wichteg Aufgab vun de Gringen, fir opzeweisen, wéi den Iwwerfloss fun engem klengen Deel vun der Welt fir de gréissten Deel vun der sozialer an ökologescher Zerstéierung am Rescht vun der Welt verantwortlech ass. Lëtzebuerg ass e winzescht Schlaraffenland am europäeschen Imperium, daat sech mat de Maastrichter Vertrég zu engem zentralisteschen Gulag zoubetonéiert, en Imperium, dat sech duerch d'Schengener Accorden die aarem Noperen aus der Emgéigent fum Luxuspeiz hält, en Imperium, dat mat GATT, FMI, transnational Kon-

zerner an Schnellagräiftruppen hir Iwerséikolonien kleng a gefügeg hält. Wann daat d'Europa ass, waat eis ouni dass mer gefroot gin, als Färdeschfudder präsentéiert get, kënne mer nëmmen drop insistéieren, dass mär als éierlech an iwerluechten EuropäerInnen weiderhin müssen fir en NEEN zu dem Europa antrieden.

Multikulturell Gesellschaft

Permettez-moi toutefois de vous présenter symboliquement cette partie de mon discours dans la deuxième langue maternelle parlée au Luxembourg. Pour ceux et celles qui ne comprendraient pas cet idiome parlé par la plus grande communauté d'étrangers au Luxembourg, une traduction française est disponible.

Traduction du point 3 de l'intervention de M. Garcia "société multiculturelle" du 13.10.92

Le Grand-Duché de Luxembourg est une société multiculturelle. Cet état de choses est un fait accepté par toutes les tendances démocratiques. Très bien, mais si l'on regarde de plus près, force est de constater que cette société multiculturelle est en fait celle d'une culture dominante des puissants autochtones. Ceux-ci, vu une certaine stabilité économique conquise en grande partie grâce au drainage de capitaux et d'unités de production importées de l'étranger, peuvent se permettre d'ignorer royalement un quart de la population. "Sans toit ni loi" pourrait-on dire, puisque ni les problèmes des droits de citoyens ni l'accueil égal des cultures et des personnalités des migrants ne sont traités avec l'attention qu'elles méritent, ceci malgré une tradition séculaire de flux migratoires dans notre pays minuscule.

Quels seront donc les points particuliers que les Verts comptent soulever pour montrer les mythes et les réalités de la "société multiculturelle" au Luxembourg?

1. tous les droits pour tous les citoyens: même si quelque suite positive des accords de Maastricht permettait, du moins espérons-le, le droit de vote des résidents communautaires au niveau communal, il est évident pour nous qu'une véritable société multiculturelle suppose la participation, à TOUS les niveaux de la vie politique et sociale, des tous les résidents étrangers au Luxembourg, selon des critères bien établis évidemment.

2. pour ce qui est de la formation des enfants des migrants, tout comme de celle des enfants de couches socialement défavorisées en général, il nous est important de souligner que la politique de l'enseignement, qui jusqu'ici visait à ériger des barrières, fussent-elles linguistiques ou sociales, aux enfants

qui veulent accéder à des carrières attrayantes, reste une honte pour une société qui se veut ouverte et démocratique.

3. la société multiculturelle suppose aussi une convivialité, géographique et sociale, entre les différentes communautés, une culture de dialogue et d'échanges et un respect mutuel des particularités. En isolant une partie de la population dans des gettos, une évolution



Guy W. Stoos, in: Grénge Spoun

dynamique entre les cultures au Luxembourg s'avérera impossible.

4. devant la resurgence de mouvements racistes et xénophobes, il est certain que tous les efforts possibles devront être entrepris pour permettre une meilleure connaissance mutuelle entre les différentes communautés. Le système de cohabitation parallèle, mais imperméable, une sorte d'apartheid culturelle, favorise par contre les préjugés qui, dans le cas de difficultés économiques, risquent de se décharger en mouvements ouvertement xénophobes. La même réflexion s'applique à l'accueil et l'insertion des réfugiés. C'est donc essentiellement sur ces points que les Verts voudraient continuer à interpeller les responsables politiques et à proposer des alternatives concrètes à une situation somme toute intenable de notre "société multiculturelle".

Froen vun der Erzéiung

Am Kontext vun der Orientéierungslosegkeet vun groussen Deeler vun der Jugend, vun wuessendem Afloss vun rietsextremen Ideologien an faschistesche Sekten an vum Verloscht vun etheschen Werter wéi Solidaritéit, Emanzipatioun, Demokratie an Kultur, muss der Erzéiung méi ewéi der technescher Bildung

Rechnung gedroen gin. Bis elo ass d'Erzéiungspolitik vir un allem um Niveau vum Bildungssystem an manner un den Inhalter festgemat gin. Och wann d'öffentlech Schoul un sech wertneutral soll sin, sou dürfen ethesch Wärter net zugonschten zu den Fetischen Konsum a Liewensstandart als Erzéiungsziel zréckgedrängt gin. Ouni an ideologesch Kämpf vum läschte Jorhonnert zréckzefaalen, mussen och Erzéiungszieler wéi Solidaritéit, Fräiheet, Toleranz nierwt dem allgegenwärtigen Individualismus, Konkurrenz an Upassung zum Droen kommen. Schliesslich darf och net vergiessgin, dass och no Reform a Reaktioun d'Chancenverbesserung vun Kanner aus sozial benoodelegten Milieuen, dorënner och Auslännerkanner, ëmmer nach wäit vun der Realiséierung ass. Dat selwescht gëlt fir déi vun de Meedercher an nët typesche Fraeberuerer.

Liewensqualitéit vun den Menschen Als Kritär vun Liewensqualitéit gëlt heizulands nach ëmmer den Wuestum vum Bruttosozialprodukt, méi Konsumfräiheet, méi Auto an technesch Gadjetten, méi sog. Fräizäit. Et schéngt mär wichteg, fir dësem Begrëff vun Liewensstandart dat Konzept vun Liewensqualitéit entgéint ze setzen. Dorënner faalen immens vill Gebidder, öffentlecher wéi privater: Arbescht a Liewensinhalte, Humaniséierung vun der Arbeschtswelt, gesond Liewensweis an enger gesonder Umwelt, dezent Wunnbedéngungen, sënnavoll Fräizäitnotzung, Kommunikatioun am platz Isolatioun virun der TV-Këscht, asw. Hei spillt natirlech och die sogenannte Familjepolitik eng Roll: ënnert dem Afloss vun natalistescher Ideologi get hei zu Lëtzebuerg e Bild vun der Famill propagéiert, wat real net existéiert. Aaner Formen vun Zesummenliewen, tëschent heterooder gleichgeschlechtliche PartnerInnen oder Alleng-Liewen gin öffentlech an steierlech diskriminéiert. Mär mengen, dass dem Mythos vun der Kärfamill muss en dynamesche Modell vun individueller Fräiheet entgéintgehaal gin: Fräiheet, sä Liewen alleng oder partnerschaftlech ze gestalten, ouni ideologesch bedengten Traditionen an Dominationen. Schliesslich läit eiser Meenung ee vun den wichtigsten Problemer nach ëmmer an der geschlechtsspezifischer Arbeschtsdeelung, wouno d'Männer et anscheinend net verkraaften, hire Stod ze féieren an hire Nowues ze zillen. Eréischt wann et méiglech ass, dass Fraen as Männer können wíelen, ouni Verloscht vun der beruflecher Karriere, ob se ofwieselnd ganz oder hallew oder wéi och ëmmer sech di dräi Beräicher vun der Berufs-, der Erzéiung an der Hausarbescht opdeelen, dann huet di villbeschworen Gläichheet vun Fra a Mann eng Chance, realiséiert ze gin. Nun, ech hoffen, dass mäin Kolleg Jang Geisbusch an ech eisen ufänglechen Virsätz können approximativ gerecht gin an net a kuerzer Zäit an de Millen vun der Routin an dem Zynismus zerknetscht gin, wou esou vill gutt intentionéiert Menschen ënnergaang sin. Trotz allen inhaltlechen Differenzen wëlle mär awer eis politesch Kontrahenten respektéieren an hoffen op e reziprokt Verhaalen. Dofir fréen mär eis schons op vill konstruktiv Stonnen vun hëtzescher Debatt an kollégialem Streit mat eise neie Kolleginnen a Kollegen. Ech soen iersch merci fir ärt Nolauschteren.